N°3915
Entrée le 14.04.2026
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 14.04.2026
Chambre des Députés

**Groupe parlementaire**

Här Claude Wiseler

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Cliärref, de 14. Abrëll 2026

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Verkéiersminister weiderzeleeden.

De Kreessverkéier zu Räichel gouf am Summer 2025 fäerdeggestallt. Allerdéngs ass et am Hierscht vum selwechte Joer erëm zu Aarbechten um Kreessverkéier komm. Bedéngt duerch des Aarbechten war de Verkéier beanträchtegt, wat evidenterweis nees mat zousätzleche Waardezäiten fir d'Chauffere verbonne war.

An deem Kontext hätt ech follgend Froen un d'Madamm Minster:

1. Wat war de Grond, respektiv wat waren d'Grënn, firwat – nodeems de Kreessverkéier am Summer fäerdeggestallt gouf – am Hierscht nees hätt missen dru geschafft ginn?
2. Wéi chiffréieren sech d'Käschten fir déi zousätzlech Aarbechten am Hierscht?
3. Ass deen uewe beschriwwene Fall an den Ae vun der Madamm Minister éischter e *Cas unique* oder kënnt et méi dacks vir, datt un engem Verkéiersprojet, deen am Prinzip ofgeschloss ass, nees muss nogebessert ginn? Wa jo, wat sinn d'Grënn heifir?

Mat déiwem Respekt,

Michel Lemaire
Deputéierten